N°176
Entrée le 15.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

De Méindeg 15ten Januar huet d'Police ugefaangen an der Stad dat an der Seance vum 14ten Dezember an der Chamber diskutéierten Heescheverbuet ëmzesetzen an éischt Persounen ze protokolléieren. Sou wéi an der Chamber an der genannter Seance, sinn et och an de Medien, zum Beispill vun der Presidentin vun der Policegewerkschaft SNPGL, Aussoen dozou ginn, dass entgéint vun den Erklärunge vum Här Minister an der Chamber keen Ënnerscheed dierf gemaach ginn tëscht aggressiven an net aggressiven Heescherten. De Minister wor a sengen Aussoen an der Chamber kloer de 14ten Dezember: „A mir sinn eis jo all eens, datt hei keen déi einfach Mendicitéit viséiert". Et stellen sech also effektiv vill Froe wat d'Virgoe vun der Police an d'Direktiven un d'Agenten um Terrain ugeet. Ouni weider Präzisiounen wäerten och muer, de 16te Januar, an dësem Kontext Onkloerheeten um Terrain weider bestoen.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Sinn et säitens vum Här Minister schrëftlech an/oder mëndlech Direktive gi wat d'Ëmsetze vun dem Reglement säitens den Agenten ugeet?
2. Falls jo, kann den Här Minister präziséiere wat dës schrëftlech an/oder mëndlech Direktive beinhalten?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten